FEMINISTES S'ABSTENIR

# Mais quand vont-ils baiser enfin?

**"Bridget Jones's Diary" de Sharon McGuire est une comédie qui sait convaincre durant … 45 minutes.**

(gk) - Le film commence bien: Bridget Jones est une héroïne qui n'a rien du physique d'une top-modèle. Elle boit trop, fume trop et tient un journal intime pour pouvoir s'avouer ouvertement ses défauts, premier pas pour devenir une personne meilleure. Durant trois quarts d'heure on suit ainsi la radieuse Renée Zellweger de gag en gag et l'on rigole beaucoup. L'humour est parfois plutôt limite - le pire exemple étant la mère de Bridget qui lui conseille de ne plus s'habiller comme si elle sortait tout juste d'Auschwitz -, mais il faut bien avouer que cette presqu'heure passe de manière assez agréable. Par exemple, la courte apparition de Salman Rushdie, jouant le grandiose auteur contemporain qu'il est en réalité, est l'une des curiosités les plus réussies de cette comédie.

Bridget trouve rapidement l'amour dont elle rêve en la personne de son patron - joué par Hugh Grant, toujours très bien dans le rôle du séducteur qui sait faire rire et donc se faire aimer - et le public s'en réjouit avec elle.

Mais cet amour s'installe dès les premières vingt minutes. On se doute donc bien que ce beau jeune homme doit, en fait, cacher son jeu et que cette relation ne sera finalement pas la bonne. Bingo! Le vilain garçon couchera bientôt avec une femme plus mince que Bridget.



*Se marier avec Hugh Grant: le rêve de chaque célibataire de plus de trente ans?*

### Le bonheur par l'homme?

Par après, l'humour du début tombe rapidement à plat. Et le film devient de plus en plus stérile et prévisible, jusqu'à être carrément agaçant. En premier lieu: C'est quoi cette obsession de ne pouvoir être heureuse qu'en couple? Etre seule n'est sûrement pas la situation la plus stimulante qui soit, mais le bonheur d'une femme serait-il uniquement dépendant du fait qu'elle ait un homme à ses côtés?

Hugh Grant n'est donc pas le prince charmant qu'il prétend être et "Bridget Jones's Diary" abandonne ainsi ses allures de "Notting Hill" inversé. Il est clair dès lors que l'homme avec qui Bridget trouvera finalement ce bonheur éternel tant anticipé, sera cet anglais d'une froideur exécrable qu'elle a rencontré dès la première scène. On réhabilite donc ce personnage: sous sa carapace de dur inapprochable bat un coeur en or et frémit un amour sincère. Les deux s'avouent qu'ils s'aiment bien, mais le film n'en est qu'à la moitié.

Suivent alors des rebondissements sans grande originalité, qui feront que les deux ne deviendront le couple parfait qu'ils pourraient être qu'à la dernière minute du film. Au bout du troisième de ces rebondissements calculés, on en a vraiment marre et on n'attend plus qu'une chose: que ces deux tourtereaux coincés baisent enfin ensemble. Un acte sexuel qui se traduit, comme dans toute comédie "mainstream" aseptisée, en un fameux baiser final - scène durant laquelle on nous montre une dernière fois le "gros" cul de Renée Zellweger, assez sexy dans cette petite culotte aux rayures tigrées.

Voilà pour l'histoire de "Bridget Jones's Diary". Ne parlons pas de la réalisation de Sharon McGuire, d'une fadeur et d'un conventionnalisme tétanisant. Quant au bestseller d'Helen Fielding, qui voudra bien encore le lire après cette adaptation, dont l'unique attrait est, en fin de compte, une Renée Zellweger, qui sait interpréter Bridget de manière vraiment attachante?

*Au Ciné Cité*

LETZEBUERGER KULTUR

# Tescht Dier an Aangel

**Den Antoine Err an de Fred Dumont hun an enger kolossaler Recherche-Aarbecht en Inventar vu lëtzebuerger Hausdiere gemaacht.**

Den Antoine Err an de Fred Dumont hun den heitegen, awer och de fréieren Territoir vum Ländchen durchkräitzt, fir eng systematisch Dokumentatioun opzestellen. Aus enger Dokumentatioun vun iwwer 4000 Hausdieren, Portaler, Afaassungen a Klenschen hun d'Auteuren der 1354 an hirem Buch präsentéiert. Wéi esou vill Bildbänner fänkt och dës Publikatioun mat enger historischer Aféierung un: Wat ass eng Dier, wouzu déngt se, an hir Entwécklung unhand vu bekannte Beispiller duerch d'Zäit. Ganz kuerz gin déi wichteg Daten aus der Geschicht vu Lëtzebuerg an d'Haapt-Konschtstiler an Erënnerung geruff, fir datt de Lieser sech besser am Katalogdeel orientéiere kann.

De wonnerbare Katalog präsentéiert dann eng Onmass Dieren am Bild. Ganz schéin Exemplarer hun hier eege Säit, anerer mussen sech de Layout zu e puer delen.

Ugefaange mat einfachen Dieren, iwwer déi bekannte Sonnemotiv-Dieren bis hin zu Barock- a Rockokoversiounen, fannen se all hir Plaz am Inventar. Nët vergiess gi sin och déi méi neizäitlech Ausféirungen vun der Klassik, dem Historismus, dem Art Nouveau an dem Art Déco. Als Ofschloss fënnt een och e puer modern Dieren.


Am Apendix gin dann nach déi verschidden Ufuerderungen, déi eng modern Hausdier erfëlle soll, virgestallt. E klenge Schema erklärt nach de Vokabular a weist déi verschiddde Mouluren iwwert d'Joerhonnerten. D'Buch gët ofgeschloss mat e puer stacklëtzebuergesche Sprëch iwwer d'Thema Dier, déi vum Josy Braun signéiert sin.

Schued ass, datt d'Dieren ouni vill Kommentaren an ouni Ateliersgruppéierungen opgefouert gin. Well se nët vill Material iwwer déi divers Ateliere fanne konnten, hun d'Auteuren alleng eng chronologesch a stilistesch Opféierung fir hir Präsentatioun ausgesicht. Mee alles an allem as et awer e wonnerbar illustréiert Wierk, dat e gudden Iwerbléck vermëttelt iwwer eng Konscht, déi am Zäitalter vun de seriellen PVC-Schräinereien ze vill oft vergiess gët. Et repräsentéiert eng relativ komplett Dokumentatioun, déi dem Denkmalpfleger op sénger Sich no verlueregaangenen Detailer ganz hëllefräich ka sin. Interessant ass an där Hinsicht och dat klengt Kapitel iwwer schlecht a gutt Beispiller bei Renovéierungen.

Fir déi, di dann nach e puer al Beispiller vu Lëtzbuerger Hausdieren bewonnere wëllen, kann een nach d'Sektioun vun der „Vie luxembourgeoise" aus dem National-Musee uroden, déi e puer schéin Exempelen ausgestallt huet.

**Muriel Prieur**

*Antoine Err a Fred Dumont: Eingangstüren und Tore aus dem Großherzogtum und dem ehemaligen Herzogtum Luxemburg. Sankt-Paulus-Druckerei, Luxemburg, ISBN 2-87996-958-1. 311 Säiten, 3850 LUF.*



*Nët nëmme Fotoën mee och flott Zeechnunge sin am Buch ze fannen. Hei eng Dir vun enger Kirch zu Bruville (Frankreich).*

### Baut op den Hellege Geescht!

(jester) - Lëtzebuerg brauch een neit Geriichtsgebai. Dat weess jiddereen, deen eng Kéier an deem alen huet missten optrieden. A well mir jo Weltmeeschteren am Baue sin, gët nët mat engem eenzelne Gebai ugefaangen, neen, et gët direkt eng ganz Stad, eng Cité Judiciaire geplangt. Geplangt wuelverstanen, well am Plange si mer nach besser wéi am Bauen. Et ass eben nët esou einfach. Den Architekt plangt, de Bauteminister vertesselt d'Pläng, an iirgend eng Birgerinitiativ profitéiert dervu fir Ennerschrëften ze sammelen an alles op d'Kopp ze werfen. D'Etuden an d'Expertise kaschten da méi deier wéi d'Baue selwer. Wann et dann endlech esou wäit wir, da muss een neie Budget gestëmmt gin, well deen ale schon iwwer zing Joër al ass, an d'Präisser déi eenzeg sin déi sech an der Tëschenzäit weider êntwéckelt hun. Den Architekt steet nach ëmmer zu séngem Entworf, an de Bauteminister gët séngem Vir-Virgänger d'Schold, well hie selwer deen onméiglecche Projet esou huet missten iwwerhuele wéi d'Chamber e virun zéng Joër gestëmmt hat. An een onméigleche Projet kann onméiglech realiséiert gin, e verschwënnt also am ënneschten Tirang. Wéi wann dat nët scho schlëmm genuch wir, kommen och elo nach d'Expäre vun der UNESCO eis an d'Zopp späizen. Déi hu jo keng Ahnung! Firwat hun se dann d'Alstad vu Lëtzebuerg 1994 op hir Protektiounslëscht gesat? Well, sou begrënnen se hire Choix, déi Festungsbauten ee Résumé vun e puer honnert Joër militärischer Architektur bis 1867 duerstellen. Dat ass jo awer nëmmen de Fall well an all deene Perioden nom Siggy, d'Burgunder, d'Habsburger, d'Fransousen an d'Spuenier eng Mauer op déi aner gebaut hun, well se dat Aalt ëmmer erëm zougetippt an ouni laangt Gedeessems duurch eppes Neies a méi Zweckméisseges ersat hun. Dat war nët anescht zu Athen, zu Roum oder zu Paräis. Wou steet dann do der UNESCO hire Building? Hun hir eegen Expären opgepasst, ob se nët e puer al Gallier ënnert sech begruewen hun? Mir brauchen eng national Bau-Autonomie zu Lëtzebuerg. Oder wëlle mer eis spéider vun eise Kannner soë loossen, mir hätte no 1867 architektonesch näischt méi drop ze setze gehat? Wann een zu Lëtzebuerg schon nët méi op den Hellege Geescht duerf bauen, da kënne mer ganz apaken.